ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

An engem Artikel vun der Online-Zeitung „Reporter" vum 6. Mäerz heescht et, datt d'*Proactif asbl* dem Staat nach Sue schëlleg ass – et handelt sech ëm 2,37 Milliounen Euro -, respektiv, datt dës asbl en ze héije Subside ausbezuelt krut. De Staat, ënnert dem deemolegen Aarbechtsminister Nicolas Schmit, huet dës Zomm am Joer 2012 zeréckgefrot. Laut „Reporter" sinn déi Suen awer bis haut net un de Staat zeréckgaangen. Laut „Reporter" gouf da kierzlech och den aktuellen Aarbechtsminister Dan Kersch op dee genannte Fait ugeschwat, a weider heescht et am Artikel:

«Contacté par REPORTER, l'actuel ministre de tutelle, Dan Kersch, fait répondre par son communiquant qu'il „ne veut pas se prononcer publiquement sur les relations du ministère avec une initiative sociale."»

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un déi Häre Ministeren:

1. Kënnen déi Häre Ministeren déi uewe genannten Informatioune confirméieren?
2. Wa jo, wat ass de Grond, firwat de Staat bis haut nach net déi ausstoend Zomm rembourséiert krut?
3. Ass et an den Ae vun den Häre Ministeren net en irresponsabelen Ëmgank mat Steiergelder, net dee néidegen Drock auszeüben, fir datt de Staat déi him zoustoend Suen – sou wéi dat gesetzlech virgesinn ass- och rembourséiert kritt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten